Generalversammlung 2020

Mëttwoch, 26. Februar 2020, Haerenhaus, Eppelduerf

1

Programm

1. Begréissung
2. Aktivitéitsbericht 2019
3. Finanzbericht 2019
4. Bericht vun de Keesserevisoren
5. Wahlen
6. Programm 2020
7. Cotisatiounen 2020
8. Usproochen vun den Eiregäscht
9. Fräi Aussprooch
10. Eirewain an Discussiounen

2

Begréissung

Pit Friederes, President

(Gedenkminute Jing Bretz)

3

Aktivitéitsbericht 2019

Buerfousswanderwee / Motorikpark

- ✓ 65 ugemellten Gruppen (total plm 1500 Läit) vun Schoulkanner, Maison Relais, Crèchen, Altersheemer, ...
- ✓ Mir haten all Primaire Schoulen, Maison Relais an am Land ugeschriwwen.
- ✓ awer och vill Familljen mat Kanner sin komm, mer hun 1300 individuell Persounen gezielt.
- ✓ Mer hun eng näi Plaquette vum Label eurewelcome kritt.

EUREWELCOME LUXEMBOURG

4

Aktivitéitsbericht 2019

Buerfousswanderwee / Motorikpark

- ✓ Och vill Turisten fannen eis als Attractioun iwwert der LuxembourgCard vun Luxembourg for Tourism, wou d'Lëtt déi mat der Kaart kommen, e Glas Eppelpressjus no der Wanderung kréien.

- ✓ Mer hun eng näi Ufro gemeet bei „Ponts et Chaussées" fir Hinweis Schëlder, wat eis dun fir en zäitlech begrenzt Schëld accordéiert ginn ass

5

Aktivitéitsbericht 2019

Astronomiedag mat der Kultur- an Emweltkommissioun

15. Juni 2019 zum 50en Anniversaire vun der Moundlandung.

- ✓ Mir hun eis do bedeelegt eis un de Frais'en vun engem mobilen Planetarium an Bicher fir d'Gewënner vun den Ateliers gestëfft.

6

Aktivitéitsbericht 2019

Klassësche Concert Eppelduerf den 29. Juni 2019

- ✓ dëss Këier mat Frolieb Stollwerck, Sopran & Viola; Ceciel Strouken-Knaven, Violoncello an Michèle Sweetlove, Klavier.

7

Aktivitéitsbericht 2019

Open Air Kino organiséiert vun der Kultur- an Emwelt Kommissioun

- ✓ Mir hunn eis em den Catering bekëmmert, Popcorn, Chips, Glacen an Softdrinks

8

Aktivitéitsbericht 2019

Verschidden Präsenzen

- ✓ Bei der Grousser Botz vun der Gemeng den 30. Mäerz 2019
- ✓ Nationalfeierdaag beim Cortège an den offiziellen Festlechkeeten vun der Gemeng.

Aktivitéiten / Events an der Aerenzdallgemeng

Aerenzdall Events

- ✓ Mer halen den Aktivitéitskalenner à jour wou mer iwwert den Site vum Kulturministère Events.lu, eng gudd Reklamm kënnen maachen fir d'Organisatiounen vun den Veräiner aus der Aerenzdallgemeng.
- ✓ Och d'Facebook Säit http://www.facebook.com/EventsAerenzdall halen mer weider à jour mat allen Manifestatiounen aus der Gemeng.
- ✓ Dëss Manifestatiounen setzen mer och op den Kalenner vun MyWort, woubai munch Event et och an d'Pabaier Versioun vum Wort packt. Doniewt gin d'Eventer verschéckt un eis Mail-Kontakter aus der Uertschaft.

9

Aktivitéitsbericht 2019

Seniorentreff

- ✓ all éischten Mettwoch am Mount zu Iermsdreff am Verainssall, wou all Awunner aus der Gemeng häerzlech wëllkomm war fir e flotten Nomëtteg. Merci dem Roger Bourg als „Wiert".

Wanderweeër

- ✓ Et get en Tour de rôle fir déi Wanderwe'er déi iwwert eis Gemeng laafen, regelmeisseg ze kontrolléieren.

Eis Memberen an Hëllefen

- ✓ Fir den Memberen Merci ze soen fir hier Hellef am Joer war am Januar 2020 e flotten Kéissowend.

Administratives

- ✓ Mer hun eis agedroen an den registre des bénéficiaires effectifs.

10

Aktivitéitsbericht 2019

Weekend vun den Lëtzebuerger Produkter, 31. August an 1.en September 2019

- ✓ Et war déi 30en Editioun.
- ✓ Dofir haten mer och e schéinen Gebuertsdagskuch an net manner wéi 3 Ministeren an e Chamberspräsident fir dén op ze schneiden.

11

Aktivitéitsbericht 2019

Weekend vun den Lëtzebuerger Produkter, 31. August an 1.en September 2019

- ✓ An och weider war vill Prominenz do

Mer soen och der Famill Kass-Jung
Merci fir den flotten Stréibotten-Mann.

12

Aktivitéitsbericht 2019

Weekend vun den Lëtzebuerger Produkter, 31. August an 1.en September 2019

- ✓ Zwee Aussteller, déi vun Ufank un all Jaar derbai waren, kruuten eng kléng Opmierksamkeet,
  Mme Duhr-Maddalon vun den Caves Duhr an den Haer Jungels vun Apisjungels

13

Aktivitéitsbericht 2019

Weekend vun den Lëtzebuerger Produkter, 31. August an 1.en September 2019

- ✓ Erem mat villen Exposanten vu Lëtzebuerger Produkten, näi derbäi waren : Roude Leiw Bounekaffi, Ahnenforschung mat Luxroots.com, Mellis Hunnegdrëpp

14

Aktivitéitsbericht 2019

Weekend vun den Lëtzebuerger Produkter, 31. August an 1.en September 2019

- ✓ Den DiscoTeamRX huet den Toun versuergt an den Christian Schmit an d'Christine Corsi vun RTL hunn moderéiert.
- ✓ Sonndes hat den Musikant Marc Linden d'Läit ennerhalen mat flotter Musek.

15

Aktivitéitsbericht 2019

Weekend vun den Lëtzebuerger Produkter, 31. August an 1.en September 2019

- ✓ Um Menu stungen Wellkärsstärzelen, eng Hameschmier, eng Saumon-Schmier mat Fësch vum Aussteller Jängi Berkes, an mer haten och erem Kniddelen, au choix mat Speck oder Pesto
- ✓ Wéinst dem Chantier vun der Maison Relais hunn mer missten méi zesummenréckelen am klengen Haff, dén awer doduerch ganz animéiert war.

16

Aktivitéitsbericht 2019

Weekend vun den Lëtzebuerger Produkter, 31. August an 1.en September 2019

- ✓ Vill Reklamm huet d'Leit op Miedernach invitéiert.
- ✓ Dépliant am Full Colour un 4000 Privatadressen verschéckt, 3000 Stëck an der Emgeigend mat der Post verdeelt. Och sin eis Calicots'en an Panneaux am Duerf opgehaangen gin.
- ✓ Bezuelten Reklamm op der Facebook-Säit
- ✓ Publi-Reportage vun 2 Säiten am Lëtzebuerger Wort.

Publi-Reportage

LËTZEBUERGER WEEKEND

Die Produkte des Landes Luxemburg

17

Aktivitéitsbericht 2019

Weekend vun den Lëtzebuerger Produkter, 31. August an 1.en September 2019

- ✓ Mer haten dësst Kéier och speziell Akaafstuuten maachen gelooss, mat denen d'Austeller hier Wueren konnten zesummen kombinéieren mat engem Rezept. Mer haten zum 30en Anniversaire och flott Guirlanden mat Biller vun den Aussteller..

18

Aktivitéitsbericht 2019

Weekend vun den Lëtzebuerger Produkter, 1. an 2.en September 2019

Merci soen mer och :

- ✓ Der Aerenzdallgemeng fir den Éirewäin an de Nuechtwiechter; der B.I.L. fir d'Zelt an den Zocker.
- ✓ dem Office Regional du Tourisme Mullerthal-Petite Suisse Luxembourgeoise an dem Ministère de l'Economie, Direction du Tourisme fir déi Studenten déi eis gehollef hun beim Weekend.
- ✓ An all dénen déi eis ënnerstëtzen, sief et mat engem Don, Annonce oder praktësch Hëllef.

19

Aktivitéitsbericht 2019

Ausflug mat den Senioren aus der Aerenzdallgemeng

- ✓ De 25. September waren 42 Lett mat op de jäerlechen Ausfluch vum SIT Aerenzdallgemeng an Zesummenaarbecht mat der Aerenzdallgemeng, déi de Bus bezuelt huet.
- ✓ Mer waren op Durbuy, sinn do mam Zichelchen gefuer, hunn gudd giess an waren den "jardin des topiaires" kucken.

20

Aktivitéitsbericht 2019

Hierschtwanderung

- ✓ 20. Oktober 2019 Herbstwanderung, wou och dëst Joer d'Lett vun Iertsebulli an Fräibéier genéisse konnten. Leider war et fir déi eischte Këier wierklech schlecht Wieder, et sinn awer nach 27 Lett matgewandert, dovunner 8 aus Lëtzebuerg an 19 Touristen.

21

Aktivitéitsbericht 2019

Chrëschtféier fir Senioren

- ✓ Den 8. Dezember 2019 war am Sall zu Eppelduerf eng Chrëschtfeier fir Senioren, wou ongefeier 40 Lett bei Schnittercher an Taart en schéinen Nomëtteg konnten verbréngen. "d'Aerenzdaller" hun dobai e puer Lidder gesongen an e Sketch gespillt.

22

Aktivitéitsbericht 2019

90. Gebuertsdag

- ✓ Béi engem 90. Gebuertsdag mecht de Syndicat zesummen mat der Gemeng ëmmer eng kleng Feier, an sicht dann och d'Virfahren vum Jubilar.
- ✓ 2019 huet am Januar d'Mme Eugenie Wolf-Faltz 90 Jaar kritt, si wollt nët féieren, huet sech awer iwwert d'Recherchen zu den Virfahren gefreet.

23

Aktivitéitsbericht 2019

90. an 100. Gebuertsdag

- ✓ Am Februar hu mer dem Camille Audry vun Iermsdreff, an am September dem Arthur Bauler vun Iermsdreff an dem Theodor Meyers vum Neienshaff, Miedernach daerfen gratuléieren zum 90en. Och si hunn d'Recherchen zu hieren Virfahren als Poster an als Ausdrock kritt.

24

Aktivitéitsbericht 2019

90. an 100. Gebuertsdag

25

Aktivitéitsbericht 2019

Tourist Info um Camping Kengert

- ✓ Prospekter vun Luxembourg for Tourism an Office Regional du Tourisme Mullerthal-Petite Suisse Luxembourgeoise, ginn ausgedeelt an Wanderkaarten verkaaft
- ✓ Mer huelen Deel um Leader Projet „Tourist Info 2.0“. Den Gedanken dohannert ass, fir eng Bestandsopnahm vun den Turistenbureaux ze maachen an der Regioun, an ze kucken wat ze verbesseren wier.
- ✓ Mer hun do am Laaf vum Joer 2019 deelgeholl un verschiddenen Work-Shops, un enger Studienrees op den Bodensee, un enger Formatioun fir facebook an instagram
- ✓ Eise President war op eng Informatiounsversammlung zum LEADER-Projet “Aussichtskataster”

26

Aktivitéitsbericht 2019

Tourist Info um Camping Kengert

- ✓ Och gët et elo flott Souvenirs ze verkaafen an hun mer zur Visibilitéit e “Wanderwee Wegweiser” esou wéi se am Bësch stinn

27

Aktivitéitsbericht 2019

- ✓ Vum ORT war gefrot gin, déi lokal Wanderweeër (Circuit M4 Medernach, Circuit M5 Medernach, Circuit E6 Ermsdorf, Circuit E7 Ermsdorf, Circuit E8 Ermsdorf, Circuit E9 Ermsdorf) ze beschreiwen an mat Photo’en eranzeginn fir an déi national Datenbank. Dat ass geschitt an déi Texter a Biller hunn mer och all Woch am Summer um Facebook firgestallt.



28

Aktivitéitsbericht 2019

Internetsite www.medernach.info

- ✓ Den Internetsite gët à jour gehalen.
- ✓ E groussen Deel vum Contenu kënnt automatesch vun der base de données vum LFT, respective ORT (Hebergements, Attractiounen, etc) an d’Texter sin esou gestallt, dat Sichmaschinnen wei Google eis besser indexéieren an fannen.
- ✓ Manifestatiounen gin wei virdrun iwwert den events.lu mat ugewiesen.



29

Finanzbericht

Michelle Marzona-Fior, Trésorière

30

Bericht vun de Keesserevisoren

Josette Ries-Schaack an Bob Bintz
Wahl vun den Keesserevisoren

31

Wahlen

Kéng statutär Wahlen, mee mer hun zwou Plaatzen fräi:

Kandidaturen : Anabela Barroso an Mim Fandel

32

Programm 2020

- ✓ Januar 2020 : Féier mat der Gemeng fir 70 Jaar Entreprise Kisch zu Miedernach
- ✓ 21.03.2020 : Grouss Botz zäitglaich an allen Uertschaften vun der Aerenzdallgemeng : em 09:30 départ. Duerno gemeinsamt Mëttegiessen vun der Gemeng.
- ✓ Mir hun eis demande fir en zäitlecht begrenzt Schëld bei „Ponts et Chausées“ erem gemeet, an och den Mailing un Schoulen, Maison Relais an Crèches as geplangt.
- ✓ 11. Juli 2020 : den klassëschen Concert an der Kierch vun Eppelduerf

33

Programm 2020

- ✓ Seniorentreff 49 ½ + all éischten Mettwoch am Mount zu Iermsdreff am Verainssall, wou all Awunner aus der Gemeng häerzlech wëllkomm as fir e flotten Nomëtteg. Wien keng Transportméiglechkeet huet, get doheem oofgeholl.
- ✓ De Weekend vun de Lëtzebuerger Produkter den 5. an 6. September 2020, et as déi 31. Keier. Mer hoffen drop, dat de Chantier vun der Maison Relais dann esouwäit ferdeg ass, datt mer erem méi Plaatz dobaussen hunn.

34

Programm 2020

- ✓ Herbstwanderung den 18. Oktober 2020 mat gratis Iertsebulli, Départ zu Miedernach.
- ✓ Och 2020 wëllen mer erem en Ausflug mat den Senioren maachen, mer mussen eis do nach oofschwetzen wouhinner. Wëll duerch den Datenschutz d'Gemeng eis kéng Adressen méi kann erausginn, maachen mer den Opruff, sech ze melden wann én wëllt matfueren.
- ✓ Fir d'Chrëschtfeier behalen mer d'musikalesch Encadrement bäi, well dat jo méi Läit bruecht huet.
- ✓ 90 Jaar Féieren : och 2020 kréien verschidden Läit aus der Uertschaft 90 Jaar.
- ✓ Tourist Info : eisen Bureau huet fir 2020 den Label “Mullerthal Trail Partner” kritt.
- ✓ Weiderhin suergen mer fir eisen internet-site an d'Info iwwert d'Manifestatiounen an der Gemeng.

35

Programm 2020

- ✓ Den ORT Mellerdall plangt un engem Moolbuch fir Kanner, wou fir all Uertschaft eng Säit fir aus ze moolen kënnt, an e Spill. Hei gesidd der schonns Mol d'Säit fir den Buerfousswanderwee

36

Programm 2020

- ✓ lokal Wanderweeër : do hun mer eis iwwerluecht, den M4 an M5 zesummen ze lé'en, andeems dat gemeinsamt Stéck erausgeholl gëtt.
- ✓ Mer plangen un engem neie M5 dén vun Miedernach op Kéngert geif goen an dann eroof laangscht de „Champignon". Do mussen mer awer waerden wéi den nationalen Plang wert sinn fir den Bëschbesëtzer em hier Erlaabnis ze froen.
- ✓ Bei den nationalen Wanderweeër soll och den „sentier de la Petite Suisse" e Stéck duerch de Bësch bei Kengert emgeluecht ginn.



37

Cotisatiounen 2020

- zéro € fir membre effectif
- 5 € fir membre honoraire
- 40 € fir Sponsoring, oder eng Annonce am publi-reportage fir den Weekend Lëtzebuerger Produkter.

38

Usproochen vun den Eiregäscht

Fräi Aussprooch

Éirewäin an Diskussiounen

39

Zesummenstellung vum Comité vum Syndicat d'Initiative et du Tourisme Aerenzdallgemeng a.s.b.l. no der Generalversammlung.

Pit Friederes	President
Robert Gedink	Vice-President
Michelle Marzona-Fior	Trésorier
Linda Gedink	Secrétaire
Jean Buck	membre
Raoul Vehent	membre
Jean-Marie Speltz	membre
Jean Fettes	membre
Raymond Linden	membre
Anabela Barroso	membre
Mim Fandel	membre
Fränz Ries, conseiller	représentant de l'administration communale
Emile Dostert	membre coopté
Muriel Pfeiffenschneider-Kesler	membre coopté
Roger Bourg	membre coopté
Bob Bintz	réviseur de caisse
Josette Ries-Schaack	réviseur de caisse

40

Kontakter

Syndicat d'Initiative et du Tourisme Aerenzdallgemeng a.s.b.l.
(Medernach, Savelborn, Ermsdorf, Eppeldorf, Stegen, Folkendange, Keiwelbach, Kengert)
RCS no F9024

p/a Kengert, L-7633 Medernach

Aer Kontakter 2020 :
Président Pit Friederes Tel. 691-867753
Secrétaire Linda Gedink Tel. 837186 Fax. 878323
e-mail : contact@medernach.info
web : www.medernach.info

Trésorie :
BCEE Feels : IBAN LU28 0019 3755 8169 6000
BIL Mersch : IBAN LU51 0023 0100 3545 5400

41